Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen an EU-Minister weiderzeleeden.

> Bäi den EU-Parlamentswalen den 9. Juni kënnen EU-Auslänner decidéieren, op si am Walbüro vun hirer Wunngemeng iwwert déi Lëtzebuerger Vertriedung an der héijer Kierperschaft ofstëmmen, oder ob si iwwert d'Ambassade vun hirem Hierkonftsland déi entspriechend national Lëschte wëlle stëmmen. Falls si fir déi éischt Decisioun optéieren, mussen si eng Declaration sur l'honneur ënnerschreiwen, keng zweete Kéier iwwert eng weider Vertriedung matzestëmmen, fir en Zweeklassewalrecht ze vermeiden.
>
> An deem Zesummenhang géif ech dem Här Baussen an EU-Minister gär dës Fro stellen:
>
> 1) Wéi gëtt de Respekt vun där entspriechender Declaration sur l'honneur kontrolléiert? Gëtt en automateschen Datenaustausch mat den zoustännegen Ambassade virgeholl an dobäi och séchergestallt, datt keen a sengem Hierkonftsland d'Bréifwal ugefrot huet? Wéi eng Strofe ginn am Fall vun engem Verstouss geschwat?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten